AKADEMISCHER VEREIN D' LETZEBUERGER
seit 1897 2, avenue de l'université L-4365 Esch-Sur-Alzette A.s.b.l.

Oochen, den 24. September 2026

Communiqué fir d'Wantersemester 2026/27

Léif AVL'erinnen, Léif AVL'er,

Dat neit Semester steet virun der Dier – an domat waarden och nees eng ganz Rëtsch flott AVL-Events op iech!

Fir dass dir iech d'Datumer direkt an de Kalenner androe kënnt an och dëst Semester näischt verpasst, hu mir an dësem Communiqué all wichteg Informatiounen zu de Soiréeën am Wantersemester 2026/27 fir iech zesummegestallt. Mir freeën eis elo schonn drop, iech bei den eenzelnen Events erëmzegesinn, zesummen eng gutt Zäit ze hunn an natierlech och e puer onvergiesslech Momenter ze erliewen.
Mee genuch vun der Aféierung – loosst eis direkt kucken, wat dëst Semester alles um Programm steet!

Wéi gewinnt ass **all Méinden eise Lëtzebuerger Owend** am **Kaktus**. An do dierf natierlech och eis **Chouerprouf** net feelen! Ab 20h ginn ënnert der Direktioun vum **Yannick Wio** eng ganz Rëtsch lëtzebuergesch, mee och international Lidder geprouft. Och wanns du net grad eng Engelsstëmm hues, bass du hei häerzlech wëllkomm, d'Prouwe lafen nämlech ganz ënnert dem Motto "léiwer haart wéi richteg"!
Wann dir dobäi wëllt sinn, da kommt einfach laanscht. Iwwert d'WhatsApp-Grupp vum Chouer gitt dir och ëmmer mat den neisten Informatiounen um Lafende gehalen.

Och fir eis Sportler:innen ass dëst Semester nees gesuergt: **Volley-, Basket- a Fussballtraininger** stinn um Programm. **Basketball** ass all Méindeg vun 21:30 bis 23:30, **Volleyball** all Dënschdeg vun 21:00 bis 23:00 an **Fussball** all Donneschdeg vun 22:00 bis 00:00 zu **Kelmis an der Sportshal**. Wann dir Loscht hutt, bei engem vun den Trainings matzemaachen, fannt dir all weider Informatiounen an de jeeweilege Whatsapp-Gruppen, déi an der Haapt-AVL-Community ze fannen sinn.

Wéi kéint een dat neit Semester besser aleede wéi mat eiser **Soirée de Bienvenue**? De **14. Oktober** ass et endlech nees esouwäit: Mir treffen eis am **Kaktus** fir zesummen an dat neit Semester ze starten. Besonnesch eis nei Student:inne wëlle mir häerzlech am AVL begréissen an hinnen d'Geleeënheet ginn, an enger entspaanter Atmosphär nei Leit kennenzeléieren an den AVL e bësse besser ze entdecken. Mee natierlech sinn och all déi aner Memberen häerzlech wëllkomm fir bekannt Gesiichter erëmzegesinn an zesummen de Start vum Wantersemester ze feieren. Fir déi richteg Stëmmung dierf dobäi natierlech och de Fräibéier net feelen.

Dënschdeg, den 20. Oktober, steet dann och schonn déi nächst wichteg Traditioun um Programm: Eis **Stee**! Am **Kaktus** kréien eis Sale Bleu'en hir Pätteren oder Giedelen zougedeelt, déi si an der Preparatioun op d'Daf begleeden an hinnen och soss bei Froen zum Liewen a Studéieren zu Oochen zur Säit stinn. Fir eis Bleu'en ass d'Stee domat eng Pflichtveranstaltung, wann dir bei der Daf wëllt dobäi sinn. Mee och fir all gedeeften AVLer an AVLerin ass et wichteg, präsent ze sinn – schliisslech brauch eng Stee och genuch Bidder! **Opgepasst:** Net gedeeft? Dann dierft dir net matsteeën, mee iech natierlech ganz einfach ersteeë loossen!

Mee domat ass et fir dës Woch nach net gedoen – et geet direkt weider mat engem klengen Ausfluch a Richtung Bayern! **Donneschdeg, den 22. Oktober,** heescht et bei eis „O'zapft is!" an et steet eist **Oktoberfest** um Programm. Nieft genuch Béier ass natierlech och fir déi gesuergt, déi léiwer op aner Gedrénks zeréckgräifen. Fir de klengen Honger gëtt et dëst Joer Weißwürste oder Käsespetzle. D'Fest wäert viraussiichtlech am Ponttor stattfannen. A fir d'Atmosphär esou authentesch wéi méiglech ze halen, géife mir iech bieden, am Dirndl oder an de Lederhosen ze kommen. Méi Informatiounen zur Umeldung an zum genaue Standuert kommen nach no.

Als nächst steet d'**Foire de l'étudiant** um Programm. **Donneschdes a Freides, den 29. an 30. Oktober,** ass den AVL an der **Coque** vertruede fir de Schüler*inne Ried an Äntwert ze stoen a si iwwer d'Liewen an de Studium zu Oochen ze informéieren. Falls du elo denks, dass du deene Jonke gären eppes iwwert däi Studiegang oder däi Werdegang zu Oochen wëlls erzielen, dann zéck net dech bei engem vum Comité ze mellen. Wat mir méi Studiegäng vertrueden hunn, wat besser!

An elo komme mir bei ee vun eisen Highlighten vum Semester: **Den Oochener Bal! Freideg, den 30. Oktober**, feiere mir schonn déi **5. Editioun** vum Oochener Bal an der **Aler Seeërei zu Dikrech**. Mat guddem Gegrills vun eise Kölner Kolleeg:innen, enger grousser Auswiel u Gedrénks an natierlech der passender Musek ass fir eng gelonge Soirée gesuergt. Fir déi richteg Musek suergen den **DJ Neemax** an den **DJ Spyn**, déi mat hire Beats dofir suergen, dass d'Danzfläch de ganzen Owend gutt gefëllt bleift. Fir dass dir iech nom Bal keng Gedanken ëm de Wee Heem maache musst, ass och dëst Joer nees eng Navette organiséiert. A well esou e Bal mat méi Leit einfach nach méi Spaass mécht, dierft dir natierlech gären är Frënn, Famill a Bekannter matbréngen!
Tickets kritt dir bei de Membere vum Comité oder online op avl.paytix.lu. A wann dir eis bei enger Schicht ënnert d'Äerm gräift, ass den Entrée fir iech gratis. An deem Fall mellt iech wgl. iwwert de Formulaire un – mir freeën eis iwwer all Hëllef!

Méindes, den 2. November, fënnt d'**Dafversammlung** statt, wou mir déi éischt Detailer zur Daf klären an d'Chargen opdeelen. Wann dir motivéiert sidd, dëst Joer och op der Daf matzewierken, an de Bleu'en eng onvergiesslech Daf ze bidden, dann haalt d'Aen grouss op no weideren Informatiounen. Au Contraire zur Stee herrscht hei absolut **Bleu-Verbuet(!)**, dir wëllt iech jo net d'Iwwerraschung verdierwen.;) Och fir ongedeeften Net-Bleu'en ass den Zoutrëtt hei verbueden!

E Weekend, dee sech all Joer méi wéi lount an deen een definitiv net verpasse soll, ass eise **Caférallye vum 6. bis den 8. November**. Fir déi, déi nach net dobäi waren: De Caférallye ass eisen Intercercle, bei deem Student:innen a Cerclen aus verschiddene Stied op Ooche kommen, fir zesummen e ganze Weekend ze verbréngen, nei Leit kennenzeléieren an natierlech och deen een oder anere Patt ze drénken. De Weekend start Freideg Owend mat engem Wëllkomm-Patt. E Samschdeg steet dann de Caférallye selwer am Mëttelpunkt, ier mir den Dag mat engem Fräibéier ausklénge loossen. Natierlech hu mir och Alternativen fir all déi, déi kee Béier drénken. Zum Ofschloss vum Weekend steet e Sonndeg e gemittleche Brunch an e Besuch an den Thermen um Programm. All weider Informatiounen zum genaue Programm an zur Umeldung ginn iwwert eis **Social-Media-Kanäl** an per **Mail** kommunizéiert. Also haalt iech um Lafenden, fir näischt ze verpassen!

Een Intercercle ass gutt, zwee sinn nach besser, dofir geet et direkt weider mat engem Intercercle vun eise Kölner Noperen. Vum **10. bis den 12. November** heescht et nees **„Kölle Alaaf!“** Den **10. November** gëtt mat engem **Wëllkommensowend** gestart, éier et den nächsten Dag op de **Karneval** geet. Den **12. November** steet dann nach en **Ofschlossbrunch** um Programm, fir dass jidderee gutt gestäerkt nees Heem ka fueren.

Dënschdeg, de 17. November, ginn aus eise **Sale Bleu'en regulär Bleu'e** gemaach, deen Dag gi si nämlech gedeeft. Bei der **Daf** erwaart eis eng weider grouss Etapp vum Semester fir d'Ersti's, bei där si sech op eng ganz besonnesch Manéier eis beweise mussen. Wéi ëmmer kréine mir no der Daf nach eise **“Roi des Bleus” an eis “Reine des Bleuettes”** – ausser d'Ordnungsamt hätt nees eppes dogéint. Startschoss ass hei am fréien Owend, mee wéi bei allem komme genau Detailer zu engem spéideren Zäitpunkt no. Hei sinn ongedeefte Memberen natierlech net erlaabt. Wann dir d'Daf gär gesitt musst dir se scho matmaachen.

Mëttwochs, den 25. November wëlle mir e klengt Stéck Lëtzebuerg nees méi no bei eis op Oochen bréngen an invitéieren iech dofir op eise **Lëtzebuerger Spezialitéitenowend**. Hei kritt dir d'Geleeënheet, verschidde lëtzebuerger Spezialitéiten ze entdecken an eist klengt Ländchen och kulinaresch e bësse besser kennenzeléieren. Natierlech dierf dobäi och de Béier net feelen, mee dëst Joer geet et ëm méi wéi nëmmen e puer Béierzorten. Nieft verschiddene lëtzebuerger Spezialitéite kënnt dir iech och op eppes Neies freeën, wat den Owend nach e bësse méi extra mécht. Wat genee dat ass, gëtt awer nach net verroden. Wou genee den Owend stattfënnt a wat iech nach alles erwaart, gi mir iech nach mat. Also haalt eis Social-Media-Kanäl an är Mails am Aan.

Wann et baussen ëmmer méi no Chrëschtdag geet, dierf natierlech och eise Chrëschtmaart-Owend net feelen. **Meindes, den 30. November** heescht et nees **„AVL goes Chrëschtmaart“** a mir treffen eis bei der **Wolke 7**, fir zesummen bei Glühwäin a gudder Stëmmung an d'Adventszäit ze starten. Wéi gewinnt ass dëst och nees en „AVL meets NRW“-Owend bei deem eis Nopesch-Cerclen aus der Regioun häerzlech invitéiert sinn, zesumme mat eis e puer Glühwäin ze genéissen an den Owend a gudder Gesellschaft ze verbréngen. A fir all déi, déi och Loscht op e Chrëschtmaart ausserhalb vun Oochen hunn, hu mir nach e puer Datumer fir iech: Bonn den 26. November a Köln den 15. Dezember.

Fir all déi ënnert iech, déi gäre weisen, wat si alles wëssen – oder op d'mannst dovunner iwwerzeegt sinn – hu mir och dëst Joer nees e **Quizowend** geplangt. Den **3. Dezember** kënnt dir also äert Wëssen ënner Beweis stellen a kucken, wien sech um Enn als gréisste Klugscheißer erausstellt. Wou genau de Quizowend stattfënnt, ass nach net final gekläert. Haalt dofir eis Social-Media-Kanäl an är Mails am Aan, fir déi lescht Informatiounen net ze verpassen.

Fir erauszefannen, wien dëst Joer brav an wien éischter manner brav war, dierf de Kleeschen natierlech och net bei eis feelen! Den **9. Dezember** steet dofir eis **Glühwäinsoirée** um Programm. Wou genau déi stattfënnt, gëtt nach matgedeelt, mee ee gudde Glühwäin oder Glühviz dierf op kee Fall feelen. Well et am AVL awer bekanntlech net nëmme brav Leit gëtt, kënnt de Kleeschen och dëst Joer net eleng, mee bréngt säi vertraute Begleeder, den **Houseker**, mat. Déi eng oder aner Rutt wäert also bestëmmt verdeelt ginn. Wann dir also ee kennt, deen ärer Meenung no eng Rutt verdéngt huet, da sot et eis! Schéckt eis einfach är kleng Geschichten op comite@avl.lu, eis Engelscher suergen dann dofir, dass de Kleeschen déi wichteg Informatiounen och kritt an näischt ënner den Dësch fält.

De **16. Dezember** steet nees eng AVL-Aktivitéit um Programm, bei där eis Bleu'en a Memberen sech och emol an engem anere Kader wéi op enger klassescher AVL-Soirée kënne besser kenneléieren. Och dëst Joer loosse mir iech nees selwer entscheeden, wat dir am léifsten maache wëllt. Eng Ëmfro mat de verschiddene Méiglechkeete gëtt spéider an eis WhatsApp-Grupp geschéckt, also haalt är Aen op a maacht mat bei der Ofstëmmung!

Wichteg: D'Aktivitéit gëtt net zu 100 % vum AVL iwwerholl, et wäert also e klenge Bäitrag vun iech selwer ze bezuele sinn.

Am Dezember steet mam **Tournoi de Noël** nach e richtege Sportshighlight um Programm. Och wann dëst Event net vum AVL selwer organiséiert gëtt, si mir traditionell staark vertrueden. Den **22. an 23. Dezember** trieden eng 20 Cerclen am Basketball, Volleyball a Fussball géinteneen un. Mee et geet natierlech net nëmmen ëm de Sport: Iwwer déi zwee Deeg ass fir eng super Ambiance gesuergt, an och nieft dem Terrain ass ëmmer eppes lass. Egal ob dir selwer sportlech matmaache wëllt oder léiwer vun der Säit aus fir den AVL matfeiert, all Support ass wëllkomm! An dofir dierf et natierlech och e bëssen méi haart ginn: Huelt gären är Trommelen, Fändelen oder aner Museksinstrumenter mat, fir eis Ekippen richteg unzefeieren. A fir dass mir dobäi nach e bësse méi Kaméidi maache kënnen, hu mir extra fir den Tournoi en neien **AVL-Gadget** erausbruecht: Eise **Fussballhorn**! Wann dir also nach op der Sich no dem perfekte Support-Accessoire sidd, ass dat villäicht genee dat Richtegt fir iech. Den Tournoi de Noël ass also eng super Geleeënheet, zesummen e puer flott Deeg ze verbréngen, eis Ekippen unzefeieren an den AVL och ausserhalb vun eisen eegene Soiréeën ze vertrieden.

Fir dass mir um Tournoi och sportlech iwwerzeege kënnen, ginn am Wantersemester nees eis Sportstraininger organiséiert. Bei Froen zum Sport oder falls dir um Tournoi de Noël matspillen wellt kënnt dir iech un eise Sportsminister ënnert **max.wirth@avl.lu** wenden.

Fir déi, déi nach net genuch vum Wanter hunn, geet et vum **2. bis den 9. Januar** mat der **AVL Skivakanz** a Frankräich! Dëst Joer verschléit et eis an d'Skigebitt **Les 2 Alpes**, wou eng Woch laang d'Pisten onsécher gemaach ginn. Natierlech dierf och déi gutt Ambiance ausserhalb vun de Pisten net feelen. D'**Virumeldung leeft aktuell nach**. Ufank Oktober kënnt dann nach eng Kéier déi definitiv Umeldung, bei där och nach eng Chance besteet, eng Plaz ze kréien, falls een aus der Virumeldung ofspréngt. Wann dir also nach gäre matfuere wëllt, kënnt dir iech nach op d'**Waardelëscht** aschreiwen!

Zum Ofschloss vum Semester steet nach eis **Assemblée Générale** um Programm. De **Mëttwoch, den 20. Januar**, hoffe mir iech all begréissen ze dierfen, fir zesummen op dat vergaangent Joer zeréckzekucken an natierlech och de neie Comité fir 2027 ze wielen. Wou genee d'Assemblée stattfënnt, ass nach net definitiv gekläert a gëtt nach matgedeelt. Do hutt dir dann och d'Méiglechkeet, är Memberskaart fir 2027 ze kafen. D'Ausziele vun de Walen an d'Virstelle vum neie Comité fënnt duerno wéi gewinnt am Kaktus statt. An domat nach eng Kéier e klengen Opruff un iech: Den AVL lieft vun de Memberen, déi sech engagéieren an hir Iddien abréngen. Wann dir Loscht hutt, iech am nächste Comité ze engagéieren, nei Saachen unzestoussen oder einfach eppes zum AVL bäizedroen, da mellt iech gäre bei eis iwwer comite@avl.lu. **Mir freeën eis iwwer all Persoun, déi Loscht huet, mat unzepaken!**

Falls dir nach Froen hutt, da kënnt dir eis gär eng Mail op comite@avl.lu schécken.

Genuch geschriwwen – elo heescht et waarden, bis et endlech lassgeet! Am Numm vum ganze Comité wënschen ech iech e flott a virun allem erfollegräicht Wantersemester, a mir freeën eis schonn op déi vill schéi Soiréeën, déi mir all zesummen erliewen.

Vive den AVL

Vive de Comité

Vive den AVL Chouer

Vive Oochen

Vive eis Memberen

Vive Lëtzebuerg

A vive an de Kaktus!

Fir de Comité,

Trixy Boever